PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Finanzen weiderzeleeden.

Duerch dat ëmmer gréisstert Opkomme vu Kryptowärungen, kënnt och de Lëtzebuerger Staat an seng Beamten ëmmer éfters mat dësen a Kontakt - z. B. am Kader vum Steierrecht oder wann et zu Saisië kënnt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Am Fall wou de Staat Kryptowärunge beschlagnaamt, wéi ginn dës Wärunge stockéiert? Besetzt de Staat eng Wallet an där d'Coins gespäichert ginn?

2. Am Fall wou de Staat dës Wärungen net selwer stockéiere géif, mee op extern Firmen zréck géif gräifen, kann d'Regierung d'Modalitéite vun dëser Zesummenaarbecht erklären? Wéi gëtt/géif dësen externe Service Provider kontrolléiert (ginn)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député